SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

D'Lëtzebuerger Land schreift am Artikel *"Fly in no company"* vum 8te Mäerz 2024, dass de Premierminister fir Auslandsreesen op Privatjets zeréckgegraff huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung eng Lëscht virleeë mat alle Flich aus de leschte 5 Joren, fir déi ee Privatjet genotzt gouf, a wou folgend Informatiounen enthält:
   - Fluchstreck (Départ & Arrivée);
   - Käschte vum Fluch;
   - Notznéisser (Ministère).

2. Wat waren d'Grënn firwat an deene Fäll Privatjets genotzt goufen an net op regulär Linnieflich (Economy, Business) oder alternativ Transportmethoden (Schnellzuch, Fuerpark Regierung, etc.) zreck gegraff ginn ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten